

Commission de la circulation du 20.03.2024

1. Presenzen

Présent	Absent
Eich Nico	Amaral Antonio (excuséiert)
Edert Rick	Bausch Pele (excuséiert)
Fernandes José	
Huberty Laurent	
Kieffer Aloyse	
Reding Marc	
Sadler Marie (Sekretärin)	
Scholtes Luc	
Wampach Sandra	

Vu dass all d'Memberen do sinn, ass de Quorum fir d'Versammlung ze maachen areecht.

2. Validatioun vum läschte Rapport

De Rapport vun der Versammlung vum 08.01.2024 gouf unanime approvéiert.

3. Virstellung vun den "Agents municipaux" & "Service de proximité"

D'Verkéiserskommissioun krut vum Här HATTO, Responsabel vum Service de proximité, dëse Service erkläert souwéi och d'Missioun vum engem "agent municipal". D'Kommissioun kritt heifir vum Här HATTO eng Powerpoint Präsentatioun zougeschéckt, déi si intern benotze kann.

4. Informatioun Schoulcampus Kiss&Go

Fir dëse Punkt ze diskutéieren, war de Schäfte Ben BAUS an der Kommissiounsversammlung.

Vu dass aktuell d'Barrière fir bei d'Schoul zu verschiddenen Auerzäiten zou ass, parke verschidden Elteren egal wou am Duerf zu Brouch. Fir dës Situatioun ze verbesseren, huet de Ben Beispiller ginn a wéieng Situatiounen e Kiss & Go Sënn mécht.

D'Iddi ass et fir eng Barrière op der Héicht vum Schéissclub ze maachen, sou dass de Parking vis-à-vis vun der Koll op wier. Dëst soll fir exceptionell Situatiounen sinn an net zur enger Gewunnecht ass. D'Parkplazen Richtung Hiwwel sollen

als kiss&go benotzt ginn. D.h. dass Eltere just hier Kand/Kanner ofsätzen an dann nees vum Parking fortfueren. Als Testphase ginn Hittercher op d'Parkplaze gesat. Et ginn och Parkplazen agezeechent, wou een säin Auto fir eng kuerz Zäit stoe loosse kann, z.bsp wann d'Kand mat engem Kuch an d'Schoul kënnt ; säin Turnsack vergiess huet asw.

Et geet eng Kommunikatioun eraus, wou d'Elteren iwwe dës Ännerung informéiert ginn. An dëser Kommunikatioun gett och matgedeelt dass et sech em eng Testphase handelt an dass wann et net funktionéiert de Kiss & Go nees zougemaach gëtt. De Kiss & Go ass just fir moies.

Der Kommissioun ass wichteg dass an dëser Kommunikatioun op de Bus Transport erënnert gëtt an dass ënnerstrach gëtt dass dëse wierklech gutt funktionéiert an d'Kanner weiderhi sollen de Bus huelen. Et wier wichteg dass duerch de Kiss&Go de Bus Transport net méi laang brauch, well zevill Auto'en op de Campus fueren.

Eng aner Méiglechkeet vum Ben ass an der Beschdréfer Strooss zu Brouch e Kiss & Go anzezeechen. Et ginn Elteren déi loosse hier Kanner do op der Strooss eraus an da ginn d'Kanner de kleng Wee Richtung Schoul. Dës Alternative muss nach evaluéiert ginn. D'Parkplaze géinge just op der Säit vum Trottoir agezeechent ginn.

D'Testphase vum Park & Ride um Campus soll kuerz no der Pengschtvakanz ulafen. D'Kommunikatioun gëtt un d'Verkëierskommissioun pour avis geschéckt.

5. Réseau RGTR

Dëse Punkt gouf op déi nächst Versammlung verréckelt.

D'Kommissioun géing gär vum Schäfferot wëssen op si eng Kommunikatioun vum Ministère kruten zum autonome fueren?

6. Verschiddenes

Am Ausgang vun Tënten Richtung Bour gëtt et e Spadséierwee, wou vill Léit trëppele ginn. Um Enn vun dësem Wee muss een e Stéck iwwe d'Hauptstrooss goe well keen Trottoir do ass. Dës Situatioun ass zimmlech geféierlech. D'Kommissioun wollt vum Schäfferot wëssen op et eng Méiglechkeet gëtt hei en Trottoir ze maachen?

- Nächst Versammlung:

Mëttwochs, den 05 Juni um 20:00